N°2913
Entrée le 10.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, op d'parlamentaresch Fro n° 2913 vum 22. September 2025 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement iwwert d'Agenten, déi legislativ Texter ausschaffen**

***1. Wéi vill Fonctionnaire oder Employéeë, déi legislativ Texter ausschaffen, schaffen op de verschiddene Ministèren, opgeschlësselt no Ministère?***

Et gëtt keng exklusiv Fonctioun fir d'Ausschaffe vu legislativen Texter. An der Description de fonction vum Expert en matière juridique ass d'Ausschaffe vu Gesetzesprojeten als eng vun de Missioune festgehalen, mee an der Reegel ass d'Ausschaffe vun engem Projet oft eng Zesummenaarbecht vu Juristen an Agenten aus dem Métier an deem soll legiferéiert ginn. Am Prinzip ass déi Tâche – nieft deenen aneren Tâchen – am "plan de travail individuel" vun den Agenten, deen eemol am Joer fixéiert gëtt, opgelëscht.

Aus deene Grënn, kann ech dem honorabelen Deputéierten déi gefroten Zuelen net liwweren.

***2. Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill vun dëse Fonctionnaire oder Employéeë schaffen a Vollzäit respektiv an Deelzäit?***

Opgrond vu menger Äntwert op déi éischt Fro, kann ech och bei dëser Fro déi gefroten Zuelen net liwweren.

***3. Opgeschlësselt no Ministère, wéi vill ETP (Employé Équivalent Temps Plein) mécht dat aus?***

Opgrond vu menger Äntwert op déi éischt Fro, kann ech och bei dëser Fro déi gefroten Zuelen net liwweren.

***4. Wéi war d'Evolutioun respektiv d'Fluctuatioun vun der Unzuel vun dëse Mataarbechter, opgeschlësselt no Ministère?***

Opgrond vu menger Äntwert op déi éischt Fro, kann ech och bei dëser Fro déi gefroten Zuelen net liwweren.

Lëtzebuerg, den 10. Oktober 2025

De Minister fir d'Fonction publique

(s.) Serge Wilmes